**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 3449 vum 14. Januar 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

De CNRA a seng Virgänger dokumentéiere scho säit de 1970er Joren ëmmer erëm Deeler vum Vicus vu Mamer déi duerch Bauprojete bedrot sinn. Zanter 2017 mécht de CNRA groussflächeg Gruewungen op der Flouer tëschent Route d'Arlon-Rue Gaaschtbierg-Rue Mameranus. Dee vun Iech genannten Dromedar koum 2011 aus engem Pëtz, dee bei dem Bau vun der Ëmgoungsstrooss "Bierg Bypass" fonnt ginn ass, eraus. Hei koum och déi vun Iech ugeschwate Réimerstrooss zum Virschäin.

1. De Kulturministère ass iwwer all Gruewung informéiert, a gëtt vum CNRA a reegelméissegen Ofstänn zu de Resultater a Kenntnis gesat.

2. Op der Säit Rue Mameranus si schonn 2017 Panneauen un d'Clôture gehaange ginn, déi drop higewisen hunn, datt den CNRA do Gruewungen duerchféiert. Dës Panneaue kënnen awer net ouni Weideres op der Route d'Arlon (N6) opgeriicht ginn.
Déi interesséiert Bierger gi vun Zäit zu Zäit duerch kleng Informatiounsschëlder, esou och zu de virleefege Resultater vun de Gruewunge 6-10 rue Mameranus, informéiert.

3. Di réimesch Therme, wéi och e Pëtz aus dem Vicusberäich bei der Bloer Bréck, sinn ëffentlech zougänglech. Am Moment ginn zu Mamer just Gruewungen am Virfeld vu Bauprojete gemaach, wou d'archeologesch Substanz wëssenschaftlech dokumentéiert gëtt, éier se engem Neibau Plaz mëscht. Bei aussergewéinlechen a gutt erhalene Strukture kéint een zesumme mat der Gemeng iwwert en Erhaalungskonzept nodenken.

4. De Ministère steet an enkem Kontakt mat de Gemengen. Si gi vum Suivi archéologique de l'aménagement du Territoire vum CNRA iwwert "zones à haute potentialité archéologique" informéiert. Wann et esou e grousse Projet ass, wéi deen zu Mamer, ass d'Gemeng och bei de relevante Reuniounen iwwert de Chantier dobäi. Beim besote Projet si mir awer eréischt an der Gruewungs- an nach net an der Auswäertungsphase esou, dass den Austausch tëschent dem CNRA an de Servicer vun der Gemeng technescher Natur ass.

5. D'Reaktioune vun de Gemengeverantwortlechen am Land sinn ënnerschiddlech, well och d'Ëmstänn vun den Entdeckungen ni identesch sinn. Et gi Plaze wou bis zu de Sondagen an dann de Gruewunge bis dato näischt bekannt war - dann ass d'Iwwerraschung ëmsou méi grouss - an et gi Gruewungen, wéi déi zu Mamer, wou réimesch Vestige scho säit Joerhonnerte bekannt sinn. Et gi Gemengen déi Interessi hunn e puer Fondstécker auszestellen, do mussen awer d'Erhaalungskonditioune gi sinn. D'Erhalung vun de Bauten oder Deeler vun deenen ass duerchaus méi schwiereg. Meeschtens handelt et sech net em Staats- oder Gemengenterrainen. D'Ëmplange vu Projeten ass net ëmmer esou einfach an net all wëssenschaftlech interessante Befonnt ass och laangfristeg fir de Grand Public ze erhalen an zougänglech ze maachen. Déi meeschte Gemengen äusseren sech net besuergt, well si d'Ausgruewungen als eng Etapp, wéi och eng Etude environnementale, impacte au sol, hydologique, bei der Realisatioun vun engem Bauprojet gesinn.

6. Natierlech hunn d'archäologesch Vestigen zu Mamer och en touristesche Potential wéi d'Therme beweisen. Des weideren ass Mamer am Projet Leader West *D'une villa (romaine) à l'autre au pays des Trévires,* deen Touristen invitéiert op de Spuere vun de Réimer vun Osten no Westen d'réimesch Sitten ze besichen. Bei dem aktuelle Stand bitt sech dës Gruewung net onbedéngt fir eng touristescht Notzung un, mee d'Gruewung ass nach net ofgeschloss a weider Sondagen a Gruewunge sti bei der aktueller Bauaktivitéit an der Gemeng Mamer nach op anere Plazen am réimesche Vicus un.

7. D’Noperschaft vum réimesche Vicus vu Mamer an de Schoule bitt duerchaus vill pedagogescht Potential. Leider ass an deene leschte 50 Joer de Mamer Vicus no an no iwwerbaut ginn, esou dass et elo kaum nach grouss zesummenhänkend Vicus-fläche gëtt déi sech ubidden do en “archäologesche Park” anzeriichten.

8. Et ass net virgesinn, dass Schoulklassen Ausgruewunge besichen, well et sech bei den Ausgruewungen ëmmer och em Chantieren handelt déi der Securité de travail ënnerleien. Esou ass et och leider net méiglech, datt eng Schoulklass oder Bierger ouni demesuréiert Moossnamen op eng Baustell ginn. Dofir bitt den CNRA am Kontext vun de Journées du Patrimoine ëmmer erëm Visitte vu Gruewungen un, déi sech dofir ubidden, a fir Visiteuren opwenneg aménagéiert sinn.